# <u>Evangelium vum 29. Sonndeg C</u>
# <u>Lk 18, 1-8</u>

## KONTEXT

Eigentlech misst een d’Gläichnes vun de **Vv. 2-5**, mat der Erklärung vun de **Vv. 6-8** vum Evangelium vun haut zesumme liese mat Lk 11, 5-8 + 9-13 (der Opschlësselung)), wou et och ëmt e Gläichnes geet, dat sech mat dem Biede beschäftegt. (Vläicht hunn déi zwee och zu Ugangs zesumme gehéiert, esou wéi mer aner Gläichnësser ëmt een Thema/Motiv uneneegereit fannen, cf. z. B. 5, 36-38 ; 13, 18-21 ; 14, 28-32 ; 15, 4-10). – D’Thema vum Gebied ass dem Lk en Uleies, well ëmmer erëm gëtt de Jesus gewisen, wéi hien a wichtege Momenter vu sengem Liewe bied (Lk 5, 16 ; 6, 12 ; 9, 18.28f ; 10, 21 ; 11, 1 ; 22, 32.40ff ; 23, 34.46). Op déi Manéier kréien d’Léierbouwen/d’Jünger gewisen, wourop et ukënnt.

## TEXT

**De Jesus huet senge Jünger e Gläichnes erzielt, fir ze weisen, datt si ... (V. 1) :**

Et fällt op, datt de Lk sech hei mat Wierder ausdréckt, déi zum Lieblingsvokabular vum Paulus gehéieren : ‘ëmmer bieden’ (cf. 2Thess 1, 11 ; Phil 1, 4 ; Rom 1, 10 ; Kol 1, 3 ; Phlm 4), ‘däers net midd gi sollen’ (cf. 2Thess 3, 13 ; 2Kor 4, 1.16 ; Gal 6, 9 ; Eph 3, 13). – Et ass unzehuelen, datt zu engem Zäitpunkt, wou d’Chrëschte mierken, datt d’Enn vun der Zäit dach awer op sech waarde léisst a gläichzäiteg d’Spannungen an de chrëschtleche Gemeinschaften an den Drock vu baussen zouhuelen, d’Thema vum Gebied méi Gewiicht kritt huet. **D’Vv. 7f** hunn dowéinst net ëmsoss en eschatologesche (=endzäitleche) Bäigeschmaach.

**Hie sot : « Et war emol an enger Stad e Riichter, dee ... (Vv. 2-3) :**

An de Gesetzer vun Israel sollten déi, déi d’Muecht hunn, also och Riichter, deene schwaachste Glidder aus der deemoleger Gesellschaft hiirt Recht verschafen an Hand iwwert si halen ; dozou hu Weesekanner a Witfrae gezielt. – ‘**Den Herrgott fäerten**’ = säi Liewen dem Herrgott sengem Wëllen no ausriichten. – Vum Ufank vum Gläichnes u gëtt der Fra hir Ausdauer ervirgehuewen (**V. 3b**).

**Eng Zäitlaang wollt hien net. Zu gudder Lescht awer ... . » (Vv. 4-5) :**

Hei mierke mer erëm, datt de Lk um Wierk war, well hie gären de Leit, déi an de Gläichnësser virkommen, hir Gedanken an Iwwerleeungen, erzielt (cf. 12, 17 ; 15, 17-19 ; 16, 3 ; 18, 4 ; 20, 13). – Och wann de Riichter aus eigentlech egoisteschen Iwwerleeungen eraus der Witfra nogëtt, esou huet si awer hiirt Zil erreecht.

**Du sot den Här : « Lauschtert, wat deen ongerechte Riichter do seet ! ... (Vv. 6-8) :**

**Den Här** = den Operstanenen. – Hei geet et ëmt engersäits ëmten ‘ongerechte Riichter’, an anerersäits ëmt den Herrgott, dee sengen Auserwielten (kléngt

endzäitlech !) Recht verschaaft ‘, woubäi een sech dann awer bewosst si muss, datt eis mënschlech Kategorie vu gerecht/ongerecht a Fro gestallt sinn, wann dem Herrgott seng Gerechtegkeet bis mat an d’Spill kënnt. (Ee Bsp, dat do ëmmer erëm hefteg Reaktiounen ervirrifft ass d’Gläichnes vun den Aarbechter am Wéngert aus Mt 20). – Bei de Géigesaz **ongerechte Riichter/Witfra**, déi sech drunhält kënnt elo de Géigesaz ongerechten, egoistesche Riichter/**den Herrgott** derbäi. – **Vv. 7d.8** : am Hannergrond steet hei den éischte Chrëschten hir Erfahrung, aus dier eraus si den Androck hunn, datt den Herrgott si laang waarde léisst (eng Erfahrung, e Ruff, deen och ëmmer erëm z. B. an de Ps ukléngt). – **V. 8cd** : hei stécht eng onheemlech Spannung zu **8ab** : d’Erausfuerderung sech vum Waarden net découragéieren ze loossen, däers Bieden net midd ze ginn (**cf. V. 1**), well doranner weist sech de Glaf = jo d’Vertrauen ‘contre vents et marées’, fir datt de **Mënschejong** (= engersäits ‘engem Mënsch säi Jong’, an anerersäits deen zur rietser Säit vum Herrgott zu Geriicht sëtzt, cf. Dan 7 ; wahrscheinlech deen eenzegen Titel, deen de Jesus zu Liefzäiten ugeholl huet, grad well en zweedäiteg ass), wann hien da kënnt, nach Glaf ka fannen. An net ze vergiessen : dës Säz seet fir de Lk ‘**den Här’**, den Operstanenen.

(Fränz Biver-Pettinger)